



En Donneschdeg, den 21. Mäerz 2024, war ëm 14:00 Auer déi lescht Gemengerotssitzung.

1. Approbation de plusieurs devis

- An der Spillschoul gi fir 22.500 Euro verschidden nei Miwwele geliwwert.
- D'Theaterbün am Veräinshaus kritt fir 22.500 Euro eng nei Bünebeliichtung.
- Virun der Sportshal gëtt fir 40.000 Euro en Ënnerstand fir Vëloen a fir e Fumoir opgeriicht.
- Op der Spillplaz hannert der Maison Relais riskéiert d'Atert d'Sandkëscht ze ënnerspullen. Dofir gëtt den Hiwwel laanscht d'Atert fir 50.000 Euro gefestegt.
- An der Crèche Margréitchen gi verschidde Säll am Rez-de-chaussée an um 2. Stock fir 25.000 Euro frësch ugestrach.
- D'Trap vun der Rue de Reckange erop de Kierfecht gëtt fir 75.000 Euro frësch gemaach.

2. Approbation de plusieurs devis supplémentaires

- D'Vergrëisserung vun der ZAC Klengbuusbiërg gouf 672.750 Euro méi deier.
- Och de CycloCroc gouf méi deier, nämlech 260.406 Euro.

3. Approbation de plusieurs décomptes

- D'Vergrëisserung vun der ZAC Klengbuusbiërg huet am Ganzen 9.377.517,99 Euro méi kascht.
- No den Aussoe vum Schäfferot hunn d'Aarbechte fir de CycloCroc ënner dem Stréch 830.542,85 Euro kascht. D'CSV-Fraktioun huet drop opmierksam gemaach, datt schonns en Decompte an Héicht vun 224.090,54 Euro fir d'Openthaltsplaz direkt nieft dem CycloCroc ugeholl gouf. Et feelt nach den Decompte fir d'Kanalisationssaarbechten an der Rue Michel Stoffel, wouduerch ë.a. de CycloCroc un d'Kanalisation ugeschloss gouf.

4. Modifications ponctuelles du Plan d'aménagement général (PAG)

De PAG, deem am Juni 2023 definitiv vum Gemengerot gestëmmt gouf, soll op dräi Punkte partiell ofgeännert ginn:

- D'Spillplaz tëscht dem Pëttenerwee an der Cité Steekräiz gëtt an eng speziell "Zone de sport et de loisir" (Zone Rec-pw) ëmklasséiert ginn, fir datt hei an Zukunft och Waasserspiller ugeluecht kënnen ginn.
- An der Zone commerciale sinn an Zukunft Déngschwunnenge méiglech.
- D'Haiser 14 rue de la Laiterie a 12 Grand-Rue sollen net méi lokal denkmalgeschützt ginn. Esou kann d'Gemeng dës Haiser fir hire Projet vun de Sozialwunnengen an der Grand-Rue ëmbauen.

5. Adhésion de la commune d'Eil au SICONA-Centre

D'Gemeng Eil gëtt Member vum Naturschutzsyndikat SICONA-Centre (Syndicat intercommunal du Centre pour la conservation de la nature).

6. Approbation d'un règlement de circulation

Am Ablack schaffen d'Creos an d'POST am Wobierg. Dofir gëtt während der Zäit vun den Aarbechten de Parking 28 rue de la Chapelle gespäert.

7. Approbation de plusieurs conventions

- D'Famill Antonio Teixeira Reibeiro-Marinho de Moura tauscht mat der Gemeng zwou Parzellen an der Rue de la Chapelle. Op der enger Säit geet den Trottoir an d'Proprietät vun der Gemeng iwwer, op der anerer Säit gëtt en Deel vum Bauterrain (wou d'Haus zum Deel dropsteet) d'Proprietät vun der Famill. Wéinst dem ënnerschiddleche Wäert muss d'Famill eng Soulte vun 12.580 Euro un d'Gemeng bezuelen.
- D'Firma Tragelux trëtt en Trottoir (8 Zentiar) um Eck vun der Rouschterstrooss mat der Rue Dr. Jean-Pierre Ecker gratis un d'Gemeng of.
- Wéinst enger Kompensatiounsmeasure fir d'Uleeë vun der neier Zoufaartsstrooss Am Seif pacht d'Gemeng vun den Ierwen Neumann 41,30 Ar Akerland (Kadasternummer 550/3080) um Rouscht fir e Gesamtpreis vun 173,20 Euro d'Joer.

8. Approbation d'un contrat de bail

D'Famill Antonio Teixeira Reibeiro-Marinho de Moura lount d'Parzell 1073/3403 an der Rue de la Chapelle bei der Gemeng. De jährléche Pachtpräis beleeft sech op 10 Euro.

9. Décision de principe relatif au centre culturel sis Place de l'Immigration

De Gewënnerprojet vum Architektheconcours fir d'Place de l'Immigration sollt am Ufank 27.087.270 Euro kaschten. An der Tëschenzäit huet de Gemengerot schonns d'Pläng an och d'Devisé fir dat neit Gemengenhaus (12.154.383,21 Euro) an den Amenagement vun der Plaz (mat ë.a. Parkplazen) (6.800.000 Euro) gestëmmt.

Elo huet sech erausgestallt, datt de geplangte Kulturzentrum vill méi deier gëtt, esou datt sech d'Käschte fir de Gesamtprojet sech verduebele géifen. Dat packen d'Gemegefinanzen awer net, well d'Gemeng huet jo och nach aner Projeten, ewéi z.B. den Neibau vum Gemengenatelier, den Ëmbau vun der Primärschoul an dem Neibau vun engem Drénkwaasserbasseng um Wobierg.

Dofir huet de Gemengerot e Moratoire fir d'Realisatioun vum Kulturzentrum gestëmmt. D'CSV-Fraktioun huet begréisst, datt eise Schäfferot "endlech" a puncto Gemegebudget vum "héije Päerd" erofklëmmt a Prioritéit setzt.

10. Allocation d'un don à une association non-locale

Während der Ausstellung "Unveiled Ukraine" war eng Këscht opgestallt ginn. Déi gesammelt 325 Euro ginn un d'Ukraine iwwerwisen.

11. Questions des conseillers communaux

Zum CycloCroc hat d'CSV-Fraktioun e puer Froen. Esou gëtt et e Cahier des charges, dee virgesäit, datt de CycloCroc d'ganz Joer op misst sinn. Och misst den Exploitant eng Bankgarantie hannerleeën.

Vu datt et sech erausgestallt huet, datt de CycloCroc am Wanter net rentabel exploitéiert ka ginn, wäert de Cahier des charges elo aus dem Mietvertrag erausgeholl ginn, esou datt den Exploitant net méi dru gebonnen ass.

Wat de Kaméidi vun den techneschen Infrastrukturen ugeet, ënner deem d'Noperen an der Rue des Moulins leiden, gouf de Fournisseur vun dësen Infrastrukture vum Schäfferot kontaktéiert an opgefuerdert, de Problem ze léisen. De Schäfferot ass allerdéngs der Meenung, datt "ces nuisances seraient toutefois minimales vu qu'il ne s'agit pas d'un local avec des heures d'ouverture tardives et des nuits blanches" (sic!).